FILM FEST LUX

LUXEMBOURG CITY FILM FESTIVAL

# DOSSIER PÉDAGOGIQUE

11ème édition

4→14 / 03 / 2021

## MÄIN ÉISCHTE KINO | MON PREMIER CINÉMA

Fir d'Kanner schonn am klengen Alter fir de Kino ze sensibiliséiere proposéiert de Luxembourg City Film Festival e Programm, dee fir eis Butzen adaptéiert ass. Fir datt den éischte Kinosbesuch fir d'Kanner vun 3-5 Joer e schéint Erliefnis gëtt, suergt de Festival fir optimal Bedingungen: begleedend Erklärungen, ugepasste Sëtzméiglechkeeten a Liichtverhältnisser, asw. Déi proposéiert Filmer daueren net méi laang wéi 45 Minutten a ginn all encadréiert. Verschidde Seance gi souguer op Lëtzebuergesch ageschwat.

Afin de sensibiliser les enfants dès leur plus jeune âge au cinéma, le Luxembourg City Film Festival propose une programmation entièrement adaptée aux tout petits. Les enfants de 3 à 5 ans sont invités à vivre leur toute première expérience face au grand écran. L'équipe du Festival mettra en place des conditions d'accueil et de suivi adaptées : guidage, installation fauteuil, luminosité faible, son diminué, etc. afin de rendre ce moment de cinéma inoubliable. Les films proposés n'excèderont pas 45 minutes. Toutes les séances seront encadrées et certaines doublées en luxembourgeois.

3-6 Joer

# KONTERBONT KLENG DÉIERCHER
## COUCOULEURS

Oana Lacroix / Raúl Robin Morales Reyes / Nina Bisyarina / Jesús Pérez & Gerd Gockell / Filip Pošivač & Barbora Valecká | CH, FR, DE, CZ, SK, 2018, 2019, 2020 | 40' | Ouni Wierder / sans dialogues | Animatioun / Animation

© Folimage - Nadasdy Film - 2019

### SCHLËSSELWIERDER | MOTS CLÉS

- Verschidden Animatiounstechniken / Différentes techniques d'animation
- Kuerzfilmer / Courts-métrages
- Déieren / Animaux
- Toleranz / Tolérance
- Virwëtz / Curiosité
- Ënnerstëtzung / Entraide
- Verschiddenheet / Différence
- Ausgrenzung / Exclusion

Hir Ënnerscheeder maache si staark! Obwuel si ganz ënnerschiddlech sinn, schaffen d'Déieren aus dësen Erzielungen zesumme fir un d'Zil ze kommen an entdecke sou hir individuell Stäerkten. Fënnef kuerz Fabelen iwwer Toleranz an d'Akzeptanz vum Aneren.

Les animaux de ces cinq contes sont tous uniques en leur genre. Ils parviendront à aller au-delà de leurs différences pour trouver leur propre voie. Un hymne à la tolérance et à l'acceptation de l'autre.

Fir déi Klassen déi sech als éischt aschreiwen, proposéiere mir scho virum Festival eng Aleedung an de Film an an d'Thema Bildanalys.

Aux premières classes inscrites à cette séance, nous offrons la possibilité d'une intervention en amont du Festival, sous forme d'introduction à l'analyse d'images et au film.

**Avec le soutien de l'Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte.**

## SCHOULVIRSTELLUNGEN | SÉANCES SCOLAIRES

**04/03** – 10:00 – Kinepolis Kirchberg *(Schluss / fin de séance – 10:45)*
**05/03** – 10:30 – Kinepolis Kirchberg *(Schluss / fin de séance – 11:15)*
**08/03** – 10:30 – Kinepolis Kirchberg *(Schluss / fin de séance – 11:15)*
**09/03** – 10:30 – Kinepolis Kirchberg *(Schluss / fin de séance – 11:15)*
**12/03** – 10:30 – Kinepolis Kirchberg *(Schluss / fin de séance – 11:15)*

D'Datummer an d'Horaire vun den ëffentleche Filmseancë ginn am Februar 2021 annonceiert. /
Les séances publiques seront annoncées en février 2021.

## KUERZFILMER:

- *COUCOULEURS* (Oana Lacroix – 6' – Technik: Animatioun)

*Een zweefaarwege Villchen sicht ee Bam deen him gläicht.*

An engem grousse Bësch hu lauter eefaarweg Villercher hir Plaz a Beem fonnt, déi hinne genau gläichen. Mee wat geschitt wann d'Fiederkleed vun engem Villchen zwou Faarwen huet?

- *LE TIGRE SANS RAYURES* (Raúl Robin Morales Reyes – 8' – Technik: Animatioun)

*Ee jonken Tiger ass op der Sich no senge Sträifen.*

Een Tiger spillt an der waarmer Luucht vun der Savann. Nodeems zwou Hyänen hien auslaachen, freet hie sech, wat mat him net stëmmt. Erschreckt stellt hie fest, datt hien keng Sträifen huet. Gekränkt entscheet hien sech op eng laang Rees opzebriechen, an der Hoffnung seng Sträifen ze fannen.

- *UN LYNX DANS LA VILLE* (Nina Bisyarina – 7' – Technik: Animatioun)

*Ee Luchs verléisst säi Bësch fir sech an der Stad z'ameséieren.*

Ee virwëtzege Luchs verléisst säi Bësch, ugezu vun de Luuchte vun der Nopeschstad. Hien ameséiert sech an engem Schnéistuerm an entdeckt vill Neies, bis datt hien op engem Parking aschléift. Den nächste Moien entdecken d'Awunner ganz erstaunt dat komescht vu Schnéi bedeckt Déier.

- *NOIR ET BLANC (DIE GESCHICHTE VOM SCHWARZEN SCHAF)* (Jesús Pérez, Gerd Gockell – 5' – Technik: Animatioun)

*Ee schwaarzt Schof gëtt gemobbt a vum Rescht vu senger Häerd ausgeschloss.*

Eng Häerd vu wäisse Schof lieft e friddlecht Liewen, bis datt ee schwaarzt Schof zu hinne stéisst. Opgrond vu sengem aneren Ausgesinn, wëssen déi aner Schof net, ob hatt e Frënd oder e Feind ass. Schnell komme si zur Decisioun, dat schwaarzt Schof auszeschléissen a fort ze joen. Mee villäicht hunn si sech eng falsch Iddi vun him gemaach an hatt ze schnell beurteelt. Well dat schwaarzt Schof ass dat eenzegt wat si virun engem groussen Ongléck rette kann.

Een Animatiounsfilm fir Kanner iwwert d'Toleranz fir di aner.

- *OVERBOARD!* (Filip Pošivač, Barbora Valecká – 12' – Technik: Animatioun)

*Zwee Frënn versichen op ee Croisièresschëff ze kommen op dat just Koppelen däerfen.*

D'Chameleon an de Kiwi sinn zwee droleg Déiercher. Dat eent mécht gär mat ëmmer neie Faarwen op sech opmierksam, deen aneren ass léiwer ganz diskreet. Nodeems e schlëmme Stuerm den Daach vun hirem Haischen ewechbléist, sichen déi zwee een Ënnerdaach op engem Croisièresschëff dat grad am Hafe läit. Dobäi gëtt et just ee klenge Problem: d'Schëff ass fir Koppele reservéiert. An domadder fänken hir Problemer eréischt un...

## PÄDAGOGESCH ASÄTZ

- Toleranz an Oppenheet fir Ënnerscheeder.
- Eegenaarte vun all Eenzelem.
- D'Gefill vun Zougehéieregkeet an Ausschloss aus enger Grupp.

## AKTIVITÉITEN

### COUCOULEURS

- COUCOULEURS ass een Animatiounsfilm aus geschniddenem Pabeier. Schneid d'Villerchersformen aus verschiddenem faarwege Pabeier aus. Ameséier dech a pech Formen, Flecken, Linnen oder kleng Punkten aus anere Faarwen op hire Kierper fir si nach méi eenzegaarteg ze maachen, genau sou wéi de klenge roude Villche mam giele Bauch!



*Illustrations 1.*



## LE TIGRE SANS RAYURES

- Wisou ass de klengen Tiger denger Meenung no sou traureg keng Sträifen ze hunn?

## NOIR ET BLANC

- Beschreif wat s de op dësem Bild gesäis:

Du hues warscheinlech d'Gewunnecht Zeechentrickfilmer ze kucken ouni d'Hand vum Moler ze gesinn, oder? An dësem Film taucht d'Hand vum Kënschtler deen d'Schof moolt an och réckelt op! Mol och du een zousätzlecht Schof an d'Häerd.

*Illustrations 2.*

- Kenns de den Ausdrock „schwaarzt Schof"?

## UN LYNX DANS LA VILLE

- Ween ass méi virwëtzeg? De Luchs deen d'Stad erfuerscht oder d'Awunner déi de Luchs bis an de Bësch verfollegen?

- Mol och du ee risegt Déier an d'Stad!

*Illustrations 3.*

## OVERBOARD!

- Kenns du d'Geschicht vun der Arche Noah?
- Wéi eng Déierekoppele sinn op der Arche Noah akzeptéiert?



*Illustrations 4.*

- Wisou sinn de Kiwi an d'Chameleon net op der Arche akzeptéiert? Fënns du dat net onfair? Wisou?

## COURTS-MÉTRAGES :

- *COUCOULEURS* (Oana Lacroix – 6' – technique : animation)

*Un oiseau bicolore cherche un arbre qui lui ressemble.*

Dans une grande forêt où vivent des oiseaux unicolores, chacun a trouvé sa place au sein d'un arbre qui lui ressemble. Mais qu'arrive-t-il lorsqu'un oiseau a deux couleurs ?

- *LE TIGRE SANS RAYURES* (Raúl Robin Morales Reyes – 8' – technique : animation)

*Un jeune tigre est à la recherche de ses rayures.*

Baigné dans une lumière jaune chaleureuse, un jeune tigre s'amuse dans la savane. Lorsqu'il croise deux hyènes qui ricanent sur son passage, il se demande ce qui cloche chez lui : il n'a pas de rayures. Vexé, il décide d'entreprendre un long voyage dans l'espoir de trouver ses rayures.

- *UN LYNX DANS LA VILLE* (Nina Bisyarina – 7' – technique : animation)

*Un lynx quitte sa forêt pour s'amuser en ville.*

Un lynx curieux quitte sa forêt, attiré par les lumières de la ville voisine. Il s'y amuse beaucoup, jusqu'à ce qu'il s'endorme au milieu d'un parking. Au petit matin, les habitants étonnés découvrent cet étrange animal recouvert de neige.

- *NOIR ET BLANC (DIE GESCHICHTE VOM SCHWARZEN SCHAF)* (Jesús Pérez, Gerd Gockell – 5' – technique : animation)

*Un mouton noir, comme le veut l'expression, est harcelé et chassé de son troupeau.*

Un troupeau de moutons blancs vit sa vie paisiblement jusqu'à l'arrivée d'un mouton de couleur noire. Cet animal différent est-il un ami ou ennemi ? En le jugeant trop vite, le troupeau se fait peut-être une fausse idée sur ce nouvel arrivant. Harcelé et chassé du troupeau, il est pourtant le seul à pouvoir sauver ses congénères d'un malheur certain.

Un film d'animation pour enfants sur la tolérance envers les autres.

- *OVERBOARD!* (Filip Pošivač, Barbora Valecká – 12' – technique : animation)

*Deux amis cherchent à monter à bord d'un bateau de croisière réservé aux couples.*

Caméléon et Kiwi forment une étrange paire. Le premier aime attirer l'attention en changeant sa couleur de peau, le second est très discret. Alors que le toit de leur abri s'envole lors d'un orage, ils décident de se réfugier à bord d'un bateau de croisière. Problème : ce bateau est réservé aux couples. C'est lorsqu'ils se faufilent à bord que leurs problèmes commencent.

## PISTES DE TRAVAIL

- Tolérance et ouverture aux différences.
- Les particularités de chacun.
- Le sentiment d'appartenance et le rejet d'un groupe.

## ACTIVITÉS

### COUCOULEURS

- COUCOULEURS est une animation en papier découpé. Découpe ces formes d'oiseaux sur des feuilles de papier de couleurs différentes. *(Voir illustrations 1. ci-dessus, p.16.)* Amuse-toi à ajouter des formes, des tâches, des lignes ou des petits points d'autres couleurs sur leurs corps pour les rendre encore plus singuliers, comme le petit oiseau rouge au ventre jaune !

### LE TIGRE SANS RAYURES

- À ton avis, pourquoi le petit tigre est-il si triste de ne pas avoir de rayures ?

### BLACK & WHITE

- Décris ce que tu vois sur cette image tirée du court-métrage *(voir illustrations 2. ci-dessus, p.18)* :

  Tu as certainement l'habitude de regarder un dessin animé sans y voir la main de celui qui l'a dessiné, n'est-ce pas ? Ici nous voyons la main de l'artiste qui non seulement dessine les moutons, mais les déplace également ! A ton tour de dessiner un mouton de plus dans le troupeau.

- Connais-tu l'expression « mouton noir » ?

### UN LYNX DANS LA VILLE

- Qui est le plus curieux ? Le lynx qui parcourt la ville ou les habitants qui poursuivent le lynx jusque dans sa forêt ?

- Imagine et dessine un animal géant parcourant la ville ! *(Voir illustrations 3. ci-dessus, p.18.)*

### OVERBOARD !

- Connais-tu l'histoire de l'arche de Noé ?

- Quelles sortes de couples d'animaux sont acceptées dans l'arche de Noé ? *(Voir illustrations 4. ci-dessus, p.19.)*

- Pourquoi le kiwi et le caméléon ne sont pas acceptés sur l'arche de Noé ? Ne trouves-tu pas cela injuste ? Pourquoi ? *(Voir illustrations 4. ci-dessus, p.19.)*